



en rapport avec la commune où ils ont été élus, indépendamment de la question quant à l'exercice effectif du pouvoir dont ils disposent en vertu de leur fonction.

Ce faisant, le législateur a entendu exclure dès le départ tout risque d'interférences entre la fonction du fonctionnaire concerné et son mandat de conseiller communal, situation susceptible de se recouvrir ou d'être en opposition avec les intérêts de la commune concernée, et ceci par souci de garantir un fonctionnement objectivement correct du conseil communal.»

Grad justement d'Expressioun «indépendamment de la question quant à l'exercice effectif du pouvoir dont ils disposent» stellt hei de Problem duer. Et féiert am Fong zu enger quasi virtueller permanenter Onvereenbarkeet tëschent der Fonctioun an dem Mandat. Kuerz, dat geet sécherlech - an doriwwer si mer eis awer, mengen ech, all eens heibannen - iwwert d'Zil eraus, dat sech de Gesetzgeber 2003 ginn hat. A mir mussen awer och ëmmer am Kapp behalen, mengen ech, dass déi politesch Rechter Grondrechter si vu jiddwerengem, an déi därerf een nëmme beschneiden do, wou et onbedéngt noutwendeg ass.

Do spillt fir mech ganz kloer de Prinzip „la capacité est la règle, l'incapacité est l'exception“. Schliesslech kann et jo awer net esou sinn, dass ee Leit eppes ënnerstellt, nëmmen, well se enger bestëmmter Aarbecht noginn. Während déi Leit, déi am Fong geholl eng allgemeng Onvereenbarkeet hunn, wéi zum Beispill d'Leit vum Innenministère, der Arméi, Polizei...

(Interruption)

Wat sot Der, Här Braz? Wat wollt Der soen?

► **M. Félix Braz,** (*déi gréng*).- Wann d'Polizisten ee Rapport maachen, därerf een net einfach ënnerstellen, e wier falsch.

► **M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Neen, d'accord, mä op där enger Säit huet ee Leit, déi eng permanent Onvereenbarkeet hunn, an op där anerer Säit huet een eenzel Fäll, wou Leit an eng Situatioun kommen, wou ee Konflikt kéint bestoen, wat hiert Mandat ugeet. Duerfir muss ee kucken, wéini, ab wéini huet ee Beamten Afloss op d'Muecht, oder wéini kann en e Kompatibilitésproblem kréien.

Duerfir hat ech nokucke gelooss, zum Beispill d'Délégation de signature beim Stat, well wann ee jo eng Délégation de signature huet an der Regierungsverwaltung, esou ee ka jo am Fong geholl dann, ass susceptibel, iergendwann grad eng kéier senger Gemeng kënnen en Avantage ze bréngen. Do hu mer beim Stat 786 Délégations de signature en matière financière a 735 Délégations de signature en matière administrative.

Dir gesitt also, dat ass praktesch net méiglech, eng liste exhaustive minimaliste ze maachen. Dat wollt ech och emol eng kéier kloer soen, fir déi Leit, déi dat hei gefuerdert hunn. An duerfir sinn ech frou, dass mer an där zoustänneger Kommissioun, nodeems mer iwwert dat doten alles diskutéiert haben, e Konsensus fonnt hunn, an ech wëll och an deem Kontext deene Leit allegueren, de Membere speziell, Merci soen, fir dass mer déi Solutioun hei esou konnte fannen.

Ech mengen, dass dat heite sécherlech net - wéi géif ech elo soen? - déi Léisung ass, well et gëtt net déi Léisung, et gëtt nëmmen, déi eng fanne se gutt, déi aner fanne se manner gutt. Mä ech mengen, hei hätte mer genuch Rechtssécherheet, fir am Fong geholl mat deser pragmatescher Léisung e Minimum vu Leit vum lokalpolitische Liewen auszuschléissen, op där anerer Säit awer Konfliktpotenzialer tëschent Beruff a Mandat wäitgehend ze verhënnern. Dat ass eis, mengen ech, gelongen.

Wat och wichteg ass am Gesetz, ech wëll dat nach eng kéier hei ervirsträichen, dat ass, dass mer am Fong geholl e Minimum vun Eegeverantwortung vum Eenzelne verlaange mat deem Gesetz, well dee muss selwer iwwerpräwen, ob seng Situatioun

vun Onvereenbarkeet, ob déi do ass oder net, an hie muss dat dann an engem Délai vun 30 Deeg mellen.

Gradesou ass och an deem Saz eng aner Neierung déi, dass en Appel au suivant gemaach ka ginn an enger Majorzgemeng. Dat kann de Minister elo maachen, fir dass de Gemengerot ka vollzieleg ufänken. Dat war bis elo de Fall net.

D'Vereedegung an d'Entrée en fonction vum Gemengerot, ech mengen, do ass et och elo kloer. Wéini engem Gemeengeconseiller säi Mandat ufänkt, dat ass kloer. D'Conseillere gi no all Wahlen nei vereedegt. D'Entrée en fonction vum Gemengerot ass och kloer, den exakten Datum. D'Demissioun vum Gemeengeconseiller, déi gi wierksam dräi Deeg no der Akzeptatioun duerch den Innenminister. Do hu mer also vill Rechtskloerheeten, déi mer bis elo net haben.

An och d'Designatioun vum Buergermeeschter a vum Schäffen ass elo am Fong geholl formaliséiert ginn, leider net - an dat huet de Jempy Klein jo opgeworf a senger Interventioun hei - iwwert déi sougenannten Assemblée des élus, déi mer am Fong geholl gären hei agefouert hätten, wou mer awer eng Opposition formelle kritt hunn. Dat war awer eng Recommandatioun vum Congrès des pouvoirs locaux et régionaux, also vum Conseil de l'Europe.

Gutt, mir hunn dat trotzdem fäerdeg bruecht ze formaliséieren. An, wat och eng Recommandatioun ass, de Buergermeeschter an d'Schäffe ginn no all Wahl nei assermentéiert. De Schäffe gëtt vum Innenminister genannt, an de Buergermeeschter an d'Schäffe ginn elo vum Innenminister vereedegt. Dat waren alles Dispositiounen, déi och vum Congrès des pouvoirs locaux et régionaux gefrot gi waren.

Zum Ofschloss: Ech si mer bewosst, dass dese Gesetzesprojet net all Schwaachstellen am Wahlgesetz berengegt. Et bleiwen nach sécherlech eng Rei Widder-spréich, Imprezisiounen, Anachronismen. Ech hat och duerfir scho während der Kommissioun proposéiert, wa mer dee Projet haut gestëmmt hunn a mer Rechtssécherheet hu fir eis auslännesch Matbierger, dass si kënnen un deenen nächste Gemeengewahlen deelhuele: Kommt, mer diskutéieren nach eng kéier an der Chamber, am Kader vun der Kommissioun, iwwert dat, wat ugeschwat ginn ass, de Wahlalter, iwwert de Vote électronique, iwwert d'Égalité des sexes oder d'Quotae vu Fraen och an de Gemeengefonctiounen! Ech sinn domat d'accord, dat ass näischt Aussergewöhnlech.

Ech widderhuelen dat nach eng kéier: Hei ass déi fënneft Modifikatioun vum Wahlgesetz säit 2003 an et ass déi 42. säit 1924. Et ass eng komplex Matière, an et geet drëm eben, dat Beschtméiglecht ze maachen, fir dass eis Leit wierklech wëssen, dass, wa se hei zu Lëtzebuerg wile ginn, mer no bei hinne sinn, an dass mer dann eben eng Rechtslag hunn an eng Gesetzlag hunn, déi Rechtssécherheet (veuillez lire: Rechtssécherheet) bedeit.

Et si Coquillen ugeschwat ginn haut de Mëtteg, zwou Stéck, déi kënnen mer an déi wäerte mer an deenen nächste Woche berengegen. Et ass och geschwat ginn iwwert d'Ausländerkommissioun. Do wollt ech dem Här Gibéryen soen, déi heeschen haut net méi Ausländerkommissioun, mä déi heeschen haut Kommissiounen vun der Integratioun; mä do ass kee Problem.

Et kann een och d'Fro diskutéieren, déi mer haut net diskutéiert hunn, déi mer awer nach wäerten diskutéieren: Wie muss Lëtzeburger si bei enger Gemeng, wien net, wann elo schonn de Buergermeeschter an d'Schäffe kënnen Ausländer sinn? Dat sinn aner Froen, déi nach um Programm stinn.

Et ass eng passionnant Matière, d'Wahlgesetz. Ech si frou, dass mer haut hei konnte wierklech konstruktiv dëst Gesetz esou änneren, dass mer eng gréisstméiglech Satisfaktioun heibanne kréien. An ech fannen et och gutt, dass déi Motioun elo breet gedroe gëtt an dass mer déi dann am Hierscht wäerten diskutéieren.

Merci!

► **M. le Président**.- Merci dem Innenminister. Domadder wäre mer um Enn vun

der Diskussioun a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. Et sief nach eng kéier drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5858 ass ugeholl mat 44 Jo-Stëmmen, 3 Nee-Stëmmen a 7 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Paul Helminger, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6126...

(Interruptions)

► **Une voix**.- D'Resolutioun?

► **M. le Président**.- Ah, d'Resolutioun, entschëllegt, jo! Richtig.

Résolution 1

Mir hunn hei nach eng Resolutioun, déi vun...

► **Une voix**.- Véier Parteien.

► **M. le Président**.- ...ville Fraktiounen ënnerschriwwen ass. Duerfir, mengen ech, kéint ech déi par main levée zum Vote stellen.

Vote sur la résolution 1

Wien ass mat där Resolutioun d'accord, esou wéi se vum Här Camille Gira abruecht ginn ass?

Wien ass dergéint?

Dat schéngt mer effektiv relativ kloer ze sinn. Domadder wär déi Resolutioun ugeholl.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6126, eng Ofännerung vum Code pénal. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: déi Häre Bettel, Bodry, Braz, Kartheiser an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

4. 6126 - Projet de loi portant modification de l'article 457-3 du Code pénal

Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, de Gesetzesprojet 6126 huet als Zweck, verschidden Upassungen um Artikel 457-3 vun eise Code pénal ze maachen. Bei deser Bestëmmung geet et ëm de sougenannte Revisionismus an Negationismus.

Zënter 1997 ass hei zu Lëtzebuerg de Fakt, dass een öffentlech, duerch e Schreiwer, duerch Rieden oder iwwer all aner Kom-

munikationswee e Krichsverbrieche oder Völkermord géif bestreiden, rechtfertegen oder minimiséieren, strofbar. Dorop steet haut eng Prisongsstrof vun aacht Deeg bis sechs Méint respektiv eng Geldstrof vun 251 Euro bis 25.000 Euro.

Mat dem Gesetzesprojet vun haut maache mir elo verschidden Upassungen.

Ausgangspunkt dovunner ass eng europäesch Kaderdécisioun aus dem Joer 2008. Zil ass et, bannent der Europäescher Unioun déi verschidde Gesetzgebungen am Kontext vun der Friemefeindlechkeet an dem Rassismus unzegläichen.

Här President, all EU-Memberstat muss verschidden Tatbestänn a sengem nationale Recht als Strofdot aféieren a se mat enger ugemooßener Strof beleeden. Folgend Tatbestänn falen dodrënner:

d'öffentlech Ustiwwele vu Gewalt géint e Grupp oder e Member vun engem Grupp, dee sech duerch seng ethnesch Originen, seng Relioun oder seng Hautfaarf definiert; d'Verbreenen an der Öffentlechkeet vun Texter, Fotoen an anerem Material, déi rassistesch a friemefeindlech Äusserungen enthalten; d'öffentlech Verherrlechen, d'Ofstreiden an d'Banaliséiere vu Verbrieche géint d'Mënschheet a Krichsverbrieche am Sënn vun de Statute vun dem Internationale Militärgeriicht an der Cour pénale internationale.

Net nëmmen den Täter vun esou Strofdoten, mä och deen, deen zu esou enger Strofdot ustiwwelt, muss kënnen bestrooft ginn. An datselwecht zielt och fir d'Komplicen an den einfache Versuch, also d'Tentative vun esou enger Strofdot. Gesellschaften oder Vereenegungen, zum Beispill eng A.s.b.l., musse bestrooft kënnen ginn, wa si esou Handlung virhuelen. Dat geet vum Verloscht vu staatleche Subventiounen bis zum Opléise vun esou Gesellschaften.

Här President, bei der Repressioun vun esou Strofdote geet et ëm d'Erhale vun enger fräier, demokratescher a multikultureller Gesellschaft. Mir hunn dat hei am Land och dofir ni op d'licht Schëller geholl. Mir hunn an deem Domän eng vun de fortschrëttlechste Gesetzgebungen.

Diskriminatiounen opgrond vun der ethnescher Hierkunft, der Rass, der sexueller Orientéierung sinn net nëmmen am Kontext vun dem Aarbechtsrecht oder dem Statsbeamtestatut verbueden; des Handlung sinn derniewent och strofrechtlech iwwert den Artikel 454 vun eise Code pénal erfaasst. Do ass eis Législatioun also schonn am Aklang mat der europäescher Kaderdécisioun.

Och um Niveau vun der strofrechtlecher Verantwortung vun den Associatiounen an de Gesellschaften brauche mir keng Gesetzesupassung. Dat ass iwwert d'Gesetz vum 11. Mäerz 2010 iwwert d'Responsabilité pénale vun de Personnes morales geregelt. D'Tentative, also de Versuch, an d'Complicitéit si strofrechtlech iwwert déi generell Strofbestëmmungen erfaasst.

Mir müssen awer nawell duerch dese Gesetzesprojet folgend Upassunge maachen: Bei der Strofdot vun dem Negationismus respektiv dem Revisionismus geet d'Prisongsstrof vu maximal zwee Joer op maximal dräi Joer an d'Luucht. De sougenannte Champ d'application, also d'Uwendungsbitt vun dem Artikel gëtt erweidert. D'Strofdot ass ginn, net nëmme bei dem Bestreiden oder Banaliséiere vu Krichsverbrieche am Sënn vun dem Statut vun dem Internationale Militärgeriicht, mä elo zousätzlech bei Völkermord, Verbrieche géint d'Mënschlechkeet a Krichsverbrieche, déi als solch am Sënn vum Statut vun der Cour pénale internationale ugesi ginn.

Mä esou schlëmm eng Infraktioun an deem sensibelen Domän vum Negationismus respektiv Revisionismus och ass, et muss och dofir Rechtssécherheet spillen. Eng Persoun muss wëssen, wat fir eng Verbrieche als Génocide oder Krichsverbrieche am Sënn vun dem Gesetz ugesi ginn. Dofir ginn déi relevant Uerteeler vun den internationale Gerichtsinstanzen an deem Domän, besonnesch déi vun der Cour pénale internationale via dem Internetsite vun dem Justizministère publizéiert.

D'Approche ass hei déiselwecht wéi bei den UNO-Resolutiounen am Kontext vun



Wäisswäsche vu Suen an dem Finanzement vum Terrorismus. Dat hu mir am Kontext vun dem Blanchimentsgesetz aus dem Oktober 2010 esou decidéiert.

Eist Land mécht och eng Deklaratioun, wéi se iwwregens duerch déi europäesch Kaderdécisioun virgesinn ass, dass d'Ofstreide respektiv d'Banalisiéiere vu Fakten nëmmen da strofbar ass, wann dës Handlung als Génocide, Krichsverbrieche, Verbrieche géint d'Mënschheet oder och rassistesche Verbrieche als solch vun engem definitive Gerichte suerteel qualifizéiert goufen. D'Krichsverbrieche, wat een öffentlech banaliséiert oder a Fro stellt, muss also duerch e Gerichte suerteel virdrun als Krichsverbrieche etabléiert sinn.

Här President, eng delikat Fro, déi sech am Kontext vun dem Negationismus stellt, ass natierlech déi vun dem Équilibre tëschent dem Recht op eng fräi Meenung an dem Artikel 457-3 vun dem Code pénal, deen dës Meenungsfräiheet aschränkt. An der Commission juridique gouf dëst och opgeworf. Et huet sech notament d'Fro gestallt vun der sougenannter Liberté de tribune, déi engem Deputéierten duerch den Artikel 68 vun der Verfassung zousteet a besetzt: «Aucune action, ni civile, ni pénale net peut être dirigée contre un député à l'occasion des opinions et votes émis par lui dans l'exercice de ses fonctions.»

Bei der Ausaarbechtung vun der europäescher Kaderdécisioun war d'Artikulation tëschent dem Recht op Meenungsäusserung an der Strofdot vun dem Negationismus och eng vill diskutéiert Fro. Generell hält d'Kaderdécisioun dofir och fest, dass d'Memberstaten net obligéiert sinn, fir Moossnamen an hirem interne Recht ze huelen, déi d'Basisprinzipie vun der Meenungsfräiheet, dem Versammlungsrecht, der Pressefräiheet an dem betreffene Memberstat géifen a Fro stellen.

Eng ofgeschlossenen definitiv Äntwert op déi delikat Fro konnt och d'Commission juridique net ginn. Dat ass an anere Länner awer net anescht. Et spillt deemno am Kontext vun enger Gerichtsaffär ëm Negationismus a Revisionismus am Endeffekt den Ermessungsspielraum vun dem Richter. Dëse muss sech am Liicht vun den allgemenge Rechtsprinzipie bewegen, notament dee vun der strikter Interpretation vun dem Droit pénal.

D'Commission juridique huet an hirem schréffleche Rapport ausdrécklech dorop higewisen. De Rapport gouf unanime vun der Commission juridique ugehall. E recommandéiert der Chamber, dëse Gesetzesprojekt ze stëmmen. An ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soenlech och Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Roth Merci. Entre-temps hunn den Här Bettel, den Här Bodry an den Här Braz matgedeelt, datt se net méi wölten zum Projet nach eng Kéier intervenéieren. Den Här Kartheiser ass nach ageschriwwen. Wëllt deen nach dozou intervenéieren?

Discussion générale

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ganz kuerz, Här President, just fir ze soen, datt mir och mat deem Projet d'accord sinn. Gläichzäiteg wëlle mer och awer wierklech däitlech warne virun ëmmer méi groussen Aschränkunge vun der Meenungsfräiheet. Hei géllt et wierklech opzepassen, wéi wäit mer ginn. Mä wéi gesot, d'ADR kann dëse Projet matdroen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Den Här Hoffmann hat sech och nach ageschriwwen.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Ech bleiwen och hei. Och dem Rapporteur Merci fir säin ausféierleche Rapport.

Mir hunn haut de Joresdag vun der Befreiung vun Auschwitz. Dat heescht, dat Thema, iwwert datt mer elo ofstëmmen, dat hënkt selbsterständlech mat deem Joresdag do zesummen. An ech hunn de Moien den Direkter vum Resistenzzentrum - ech kierzen den Titel of -, vum Resistenzzentrum héieren, den Här Dostert, op engem Radio, deen d'Fro gestallt huet, ob d'Chamber als solch - d'Chamber als solch - net emol eng Kéier dat och hei thema-

tisiéiere sollt, op eng würdeg Aart a Weis, ouni doraus répétitiv commémorativé Ritual ze maachen. Awer dat emol thematiséieren, och eben an Hisiicht op d'Fro, wat mat der jiddescher Bevölkerung hei zu Lëtzebuerg geschitt ass.

Hien huet an deem Zesummenhang och - erlaabt mer, dat ze soen - drop higewisen, dass mir hei par rapport zu der jiddescher Bevölkerung zwar en Denkmal hunn zu Cinqfontaines, mä dass mer an der Stad Lëtzebuerg keent hunn. An Esch hu mer eng Plaz, eng Gedenkplaz gemaach, wou d'Synagog stoung fréier, mat enger Gedenktafel mat Nimm. Awer senger Ausso no hätte mer dat hei net. An dat war verbonne mat der Suggestioun, dass een och esou eppes mécht.

Duerfir mengen ech och, dass selbsterständlech mer hei um penale Plang richtigegleien, dass mer anerersäits awer déi Ustrengunge fir d'Opklärung, och virun allem vun deene jonke Leit... Do ass vill gemaach ginn a leschter Zäit, vill gemaach ginn och vu fréieren Deputéierte beispillsweis wéi dem Här Goerens. Et ass vill gemaach ginn an där doter Fro. A mir sollen do weiderfuere, eis Jugendlech opzeklären.

Dann dierf ech awer eng kritesch Remarque unhänken: Ech fannen et ëmsou méi bedauerlech, dass d'Regierung déi scho laang envisagéiert Renovatioun vum nationale Resistenzmusée an hirem Lëscht vun den Investitiounen bis 2014 gestrach huet. Fir mech onverständlech!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Den Här Fayot freet nach eng Kéier d'Wuert.

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Jo, Här President, ech wollt dem Här Hoffmann Merci soe fir dee Rappel de mémoire, deen e gemaach huet iwwert de Joresdag vun der Libération vun Auschwitz.

Hien huet op Aussoe vum Här Dostert higewisen. Ech wollt hei der Chamber soen, dass den Här Dostert eigentlech d'Konklusiounen vun där Kommissioun elo répétéiert huet, déi sech jo sollt iwwert d'Spoliation vun de Judden an d'Situatioun vun de Judden hei zu Lëtzebuerg während dem Zweete Weltkrich bekëmmern. Déi Konklusiounen, déi si jo viru kuerzem vum Statsminister an enger Äntwert op eng parlamentaresch Ufro mengersäits virgedroe ginn. An dorënner ass och d'Fro vun engem Monument iwwert d'Schoah zu Lëtzebuerg erörtert ginn. Et ass also Bewegung. Dat, wat ee kann hoffen a wënschen, dat ass, dass déi Bewegung e bësse méi schnell geet.

Well ech wëll och drun erënneren, dass ech am Joer 2000 eng Proposition de loi gemaach hat, fir eben esou eng Commission d'enquête anzusetzen, dass déi Commission d'enquête duerno agesat ginn ass, an déi huet bis 2010 gebraucht, bis d'Konklusiounen vun der Regierung aus deem Rapport gezu gi sinn. An et soll een also hoffen, besonnesch op dësem Joresdag, dass dat endlech elo e bësse Fortgang kritt.

Merci, Här President.

► **M. le Président.**- Merci och un den Här Fayot. Ech mengen och, déi Suggestioun, déi den Här Hoffmann virdru gemaach huet, ass eng interessant. Ech huelen déi mol mat an d'Conférence des présidents respektiv an de Bureau, fir ze kucken, wat een do kéint maachen. Dat meescht ass zu dësem Projet gesot, och no deem ganz extensive Rapport vum Här Rapporteur. Sou datt, wann de Minister net drop hält, mer vläicht direkt kënnen driwwer ofstëmmen.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- De Minister hält drop.

► **M. le Président.**- Den Här Minister kritt dann d'Wuert.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- De Minister hält drop, och wann dat elo vläicht d'Kollegen e bësse stéiert, well mer scho spéit sinn an nach vill Projeten hunn, well de Minister féinnt, dass mer just bei de juristesche Projete regelméisseg dat esou als Technik ofdinn an net op de Fong vun de Saachen eraginn.

Ech wëllt och duerfir haaptsächlech méi iwwert d'Gesetz selwer schwätze wéi

iwwer all déi Niewebemierkungen, déi awer richtig waren - ech kommen och do-robber zrëck. Well, wann ee Strofrecht mécht, ass dat nëischt Anodins - also eng vun den Ursaachen, dass ech dozou schwätzen. Well mir maache vill ze vill Strofrecht! Vill ze vill gi Saache bestrooft, an heiansdo ginn Dommheete bestrooft a wichteg Saache ginn net bestrooft.

Ech muss lech éierlech soen, wéi déi Décision-cadre geholl ginn ass, war ech nach net Minister. Dat war mäi Virgänger. Wéi ech déi Décision-cadre hat, hate mer am Haus intern Diskussiounen, och manner wéinst der Liberté d'expression, déi hei ugesprach gouf. Ech wëll awer - ech hat dat vergiess - dem Gilles Roth Merci soen, well en huet eigentlech zum Gesetz alles gesot.

Ech hat manner Problemer mat der Liberté d'expression als Minister wéi als Amateurhistoriker, deen ech sinn, fir ze kucken: Wéi formuléiere mer dat esou, dass Recherche nach ëmmer méiglech ass? A fir déi, déi e bësselchen d'Diskussioun a Frankräich poursuivéieren - d'Lois mémorielles -, déi wëssen, dass dat e riseg Sujet ass. D'Geschicht, dat ass eng Science humaine, donc elle n'est pas exacte, donc elle doit pouvoir évoluer. Et kann een also net geschichtlech Erkenntnisser duerch Gesetzter festschreiwen. Ee wichtegt Element, an de Gilles Roth ass dorobber agaan, dass mir net hei geschichtlech Erkenntnisser strofbar maachen, mä dass mer, wann ee géint Gerichte suerteeler geet, dat strofbar maachen.

Dat ass e wesentlecht Element, fir dass och an Zukunft ka gefuerscht ginn. Dat eent ass le devoir de la mémoire, mä dat anert ass awer och parallel zum Devoir de la mémoire ze kucken, wéi et weidergeet.

Et muss ee jo kucken, wa mer selwer den Zweete Weltkrich vu Lëtzebuerg hei kucken, dass et, wéi iwwerall no enger graver Kris, fir d'Éischt emol verdrängt gouf, fir dass d'Land nach konnt liewen. Dat heescht, wa mer zrëckkucken, ass vill am Ufank net geschwat ginn, dass d'Land emol konnt opgebaut ginn. Lues a lues ass emol fir d'Éischt komm, dass emol déi, déi gekämpft hunn, dass un déi geduecht gouf.

Elo fänke mer awer och un, wat richtig ass, zum Beispill sech mat de Säite vun der Kollaboration zu Lëtzebuerg ausernee-zesetzen. A wann een esou kuckt - ech soen, d'Ziffer si brutto -, hate mer 10.000 Résistents an 10.000 Collaborateurs. Och dat sinn awer Zifferen, déi een eng Kéier muss soen. Et kann net nëmme sinn, dass mer just soen, mir waren e Land nëmme vu Resistenzler. Mir hunn also och eppes, wat geschichtlech muss opgebaut (veuillez lire: opgeschafft) ginn.

Dat anert ass den Devoir de la mémoire. An do ginn ech dem André Hoffmann Recht, dass et gutt wär, wann een dat och ëmmer erëm weiderdreift, an net nëmmen duerch offiziell Feieren, mä effektiv duerch Froen, wou ee sech mat sech selwer auserneeetzt. A wou een dann och der Jugend net seet, dat doten ass et, mä d'Jugend selwer dozou bréngt, fir ze froen: „Majo, wéi hätt du reagéiert, wann s du do gewiescht wäers?“

(Interruption)

An ech mengen, dass et duerfir wichteg ass, dass mer d'Froen vun der Identitéit stellen, an dass mer se kontradiktöresch stellen an dass mer elo net nëmme soen, et ass esou, mä dass mer se stellen.

Ech muss soen, dass zum Beispill déi ganz Diskussioun, déi mer net nëmmen elo wéinst der Ausstellung zu Käerjeng, mer virdru mat der Gëlle Fra, et huet awer de Virdeel gehat, dass mer ëmmer erëm eis selwer a Fro stellen. An da muss et och an der Debatt kontradiktöresch sinn. Well nëmmen duerch kontradiktöresch Debatte kënnt ee weider.

Duerfir wëllt ech nach eng Kéier soen, wat mer hei strofbar maachen, ass net, dass ee géint iergendeng geschichtlech Wourecht eppes seet. Well d'geschichtlech Wourecht geet ëmmer weider duerch d'Fuerschung. A si muss weidergoen duerch d'Fuerschung. Ech kommen op dat zrëck, wat ech geschter gesot hunn. Mä dass een do, wou e Gerichte suerteel gesot huet als Geriicht: „Dat ass esou.“ Awer och Gerichte suerteeler kënne revidéiert ginn, mä e Ge-

richte suerteel, dat ass geschwat, an dat muss ee respektéieren. A wann een eppes seet, wat duerch e Gerichte suerteel festgehalen ass, dann ass een doduerch strofbar.

Ech mengen, dass dat wichteg ass, well mer jo awer kucken, wéi d'Debatt do-bausse leeft, dass op eemol „les démons du passé“ ëmmer erëm erëmmen. An do ass natierlech déi ganz Fro vun der Juddeverfolgung eng wesentlech Fro, wou ëmmer erëm mer riskéieren, a falsch Debatten ze kommen.

Duerfir soen ech, een, dee seet, mir sollen eigentlech manner Strofrecht maachen, ech bleiwen derbäi, ech wëll d'Strofrecht reforméieren, mä ech mengen, dass dat heiten eng wichteg Décisioun ass, dass mer hei net wäit étendéieren, mä dass mer einfach soen, et gëtt iergendwou Grenzen. Et gëtt iergendwou Grenzen, an da muss een och strofrechtlech belaangt ginn an da muss een och strofrechtlech condamnéiert ginn.

Zu Lëtzebuerg huet déi Fro sech manner gestallt wéi an anere Länner. Ech menge souguer, dass se sech heiansdo a Länner, déi zu de Siegnatiounen vum Zweete Weltkrich gehéiert hunn, méi akut stellt wéi an anere Länner. Mä ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer dat heite maachen.

Dat war eigentlech dat, wat ech hei wëll soen. Mir maachen eppes, wat dat ass, wat et ass. Mir kommen net an de franséischen Historikersträit iwwer les lois mémorielles eran, an dat wëlle mer och net, mä et ass awer e wichtegt Signal, wat mer hei setzen.

An dat, Här President, huet mech dozou beweegt, fir awer hei e Wuert ze soen. Dat heiten ass net iergendwéi eng Lappalie, déi mer maachen. Dat hei ass e wichtegt Element, wat mer hei maachen.

Den Här Bettel wëllt mer eng Fro stellen.

► **M. le Président.**- Den Här Bettel wëllt...

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Neen, Här President, ech wollt nom Minister eppes soen.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Parole après ministre. Dat ass Äert Recht.

Sou, ech ginn duerfir manner op déi aner Saachen an. Ech ginn och net an op dat, wat den Här Hoffmann iwwert de Resistenzmusée vun Esch gesot huet, wou ech vill derzou ze soen hätt. Dat maachen ech net, well ech wierklech net mengen, dass e Gemengewahlkampf hei op d'Chamberstribün gehéiert. Duerfir wäert ech mech dispenséieren.

(Interruption)

► **Une voix.**- Kandidat!

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Ech sinn net Kandidat, mä ech soe just,...

(Interruption)

► **Une voix.**- Dir sidd net Kandidat.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Ech hätt viles dozou ze soen, aneschtens ze soe wéi Dir. Ech maachen et net, well ech nu wierklech net mengen, dass esou eng Debatt hei, déi wichteg ass, soll duerch kommunalpolitesch Sujeten am Virfeld vun den nächsten...

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Musée national!

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- ...Kommunalwahlen polluéiert ginn.

Duerfir soen ech nach eng Kéier,...

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Musée national!

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Här Hoffmann, ech hätt viles ze soen, wat lech net géif gefalen, wat richtig ass. Ech maachen et net, well ech wierklech mengen, dass hei net de Punkt ass, fir déi doten Debatten ze féieren. Ech féiere ganz gär déi Debatt mat lech, ech féiere se ganz gären. Mä ech maachen et net

